



Seul le discours prononcé fait foi

Fête nationale 2018

Cérémonie officielle à la Philharmonie Luxembourg

Discours du président de la Chambre des députés,

Mars Di Bartolomeo

Altesses Royales,
Här Statsminister,
Kolleegeinnen a Kolleegeen aus der Chamber an der Regierung,
Exzellenzen,
Léif Matbiergerinnen a Matbierger.

Et gëtt där Geschichten - och wann se net weltbeweegend sinn -, déi een net méi vergësst an déi ee markéieren. Sou geschitt virun enger Rei vu Joren, wou ech mat menge Kolleegeen aus dem Diddelenger Schäfferot an eisem gemeinsame Büro souz.

E jonke Borscht, knapp 15 Joer hat en, huet un der Dier geklappt a gefrot, ob e mam Buergermeeschter kéint schwätzen. Ech hunn direkt Jo gesot, hie soll erakommen. E bëssi verleeë sot hien, dat wär wuel schwiereg, well si zu méi wieren. „Wéi vill?“, frot ech, a seng Äntwert war: „Ganz vill!“

Mär hunn déi Jonk dunn an de Festsall invitéiert, wou si eis hiert Uleies erkläert hunn.

Si hu sech als Rollerskater ze erkenne ginn - fréier hu mer dat Rollschong genannt - an eis gesot, datt déi Ramp, déi Sprongschanz, déi si selwer gebaut haten, futtigemaach gi wier.

Et huet sech erausgestallt, datt eis Gemengeservicer déi improviséiert Bauwierker ewechgeholl haten, well se am Schoulhaff stoungen, gehënnert hunn an net ongeféierlech waren.

Mär hunn déi jonk Leit du gefrot, wat mer kéinte fir si maachen. D'Äntwert koum wéi aus der Flënt: Eng Plaz, fir hir Rampen opzestellen.

Mär hunn hinnen du proposéiert, si sollten eis emol opmolen, wat fir Geräter si bräichten, a mär géifen op d'Sich no enger Plaz goen.

Gesot, gemaach: Si koume 14 Deeg drop erëm mat engem Projet a mär haten eng Plaz fonnt.

An deene Joren duerno ass hei mat Hëllef vun de Gemengenatelieren, finanzieller Hëllef vun der Gemeng a vill benevoller Aarbecht vun deene Jonken ee vun deene flottste Skaterparken am Land entstan, autogeréiert vun deene Jonken, wou ëmmer neier nogéréckelt sinn.

Firwat ech déi Geschicht elo grad fir Nationalfeierdag ausgegruewen hunn, frot Dir lech elo. Ma well se e gutt Beispill dofir ass, datt, wann een eppes wierklech wëll, ee sech och dofir asetzen, sech selwer drëm këmmere a mat upake muss.

Déi jonk Leit hu sech net dermat begnügt, fir ze jéimeren, ze kritiséieren an anerer fir hire Problem verantwortlech ze maachen, mee si hu sech zesummegedoen a sech an engem participative Prozess engagéiert.

An et ass dat, wat mer haut, bei eis wéi dobaussen, méi wéi jee brauchen.

Mär brauche Bierger, déi gutt informéiert sinn, déi kritesch matdenken, sech engagéieren, mat upaken a mat decidéiere wëllen. A mer brauchen um politesche Plang Leit, déi nolauschtere kënnen a receptiv sinn, déi bereet sinn, méi Demokratie, méi Participatioun ze woen, déi hiert Handelen erkläre kënnen, a sech Zäit dofir huelen.

Ech kéint där gudder Beispiller während Stonnen opzielen a jiddweree vun lech och.

Wichtig a richtig ass et, datt mer eis mam Zentrum fir politesch Bildung en Instrument ginn hunn, fir d'Informatioun iwwert de Fonctionnement vun eiser Gesellschaft, eis Wäerter, eis Demokratie an dat, wat si verbessere an hir schuede kann, vu Jonkem un ze sécheren.

Altesses Royales,
Léif alleguer.

Engagement ass eppes enorm Wäertvolles, an eisen Nationalfeierdag ass eng gutt Geleeënheet, fir deene ville Fräiwëllege Merci ze soen.

Deen Engagement, sief et an eise Veräiner, a sozialen Initiativen, an de Rettungsdéngschter, a Kultur, Kooperatioun, Glawensgemeinschaften, Gewerkschaften, Politik, Sport oder Fräizäit, bréngt eis alleguer enorm vill.

Sech begéine ronderëm gemeinsam Projeten, dofir schaffen an eppes schafe bréngt mat Sécherheet méi, wéi sech ofzekapselen, dagan, dagauss ze knouteren oder hannert enger virtueller Burka Gëft a Gal ze verspréizen.

Et schaaft deen Zesammenhalt dee mer brauchen, fir déi grouss Erausforderungen, mat deene mer haut konfrontéiert sinn, ze packen.

Wa mer eis Suergen ëm eis Zukunft maachen, da musse mer domat ufänken, net déiselwecht Feeler ze maachen, déi eis an der Vergaangenheet onsäagleche Misär bruecht hunn. Dat Monument vun der Shoah, wat mir virun e puer Deeg ageweit hunn, warnt eis, datt Vergiessen en „No-Go“ ass, an encouragéiert eis, dat Wäertvollt, wat mer hunn, erëm méi ze schätzen: Demokratie, Fridden, Wuelstand an e gudden a solidaresche Sozialsystem.

Dëst alles ass net vum Himmel gefall! Mer kruten et geschenkt vun eise Virgänger, déi grouss Affer dofir bruecht hunn, an et ass un eis et gutt ze versuerge, fir et intakt un eis Kanner weiderzeginn.

Fir dat Gutt ze erhalen a weiderzeentwéckelen an dat Neit, wat op eis zoukénnt, fréizäiteg ze erkennen an am Interêt vum Mënsch ze gestalten an ze steieren, brauche mer dat Mateneen, wou mer d'Leit mat abannen amplaz auszeschléissen.

Mär brauchen en oppene Geescht, oppen Häerzer an oppe Grenze souwisou!

Mer brauchen déi Feinfühlegkeet, déi eis dat erkenne léisst, wat Statistiken net aussoen.

Et ass wuel richtig, datt et eis am Joer 2018 zu Lëtzebuerg esou gutt geet, wéi op kaum enger anerer Plaz op der Welt. Mee gëllt dat fir eis all?

Nee, och bei eis gëtt et ze vill Leit, deenen et net gutt geet, a si däerfe mer net eleng loossen.

Engem Eenzelen oder enger Minoritéit, där et schlecht geet, hëlleft et wéineg, wann een erkläert, datt et eis am Allgemenge gutt geet.

Begnüge mer eis mat esou Pauschaluerteeler a loossen déi Leit lénks leien, sinn si liicht Affer fir déi, déi eis op komplex Problemer oder Suerge simplistesesch Äntwerten, awer keng Léisunge liwweren.

Eis Äntwert muss vu Solidaritéit an Empathie gepräagt sinn a vum Wëllen, datt an engem vun deene rächste Länner vun der Welt keen op der Streck däerf bleiwen, keen an d'Hoffnungslosegkeet däerf entlooss ginn.

A wann déi allgemeng Reegelen, déi fir déi meescht gutt sinn, keng Léisung bidden, da musse mer eben aner Weeër sichen, fir ze hëllef.

Mär all hu scho Situatiounen erlieft, wou mer frou waren, datt mer eng Stäip haten.

Mär all kennen awer och dat gutt Gefill, wa mer engem aneren aus enger schwéierer Situatioun gehollef hunn...

Vive de Grand-Duc!

Vive déi groussherzoglech Famill!

Vive eist Land a vive Europa!